

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4860. D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Mme Agny Durdu.

## **5. Projet de loi 4860 portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1999 ayant pour objet**

- 1. le soutien et le développement de la formation professionnelle continue;**
- 2. la modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales**

**Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports**

**Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet handelt et sech ëm dräi ganz prezis Ëmännerunge vum Gesetz iwwert d'Formation professionnelle continue vum 22. Juni 1999 an dem Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert den Accès zu de Professions libérales a fir Artisan a Commerçant.

Dëse Projet ass de 24. Oktober 2001 déposiert an an der Kommissioun den 28. Februar 2002 analysiert ginn. Mir haten zu eiser Dispositioun d'Avis vum der Chambre d'Agriculture, vum der Chambre de Travail, der Chambre des Métiers, der Chambre des Employés privés. De Statsrot hat säin Avis den 29. Januar vun dësem Joer ofginn.

Ëm wat geet et hei? D'Gesetz iwwert d'Formation continue, wat 1999 agefouert ginn ass, erfreet sech engem groussen Zoulaaf. Ganz vill Projekte kommen an de Ministère eran, wou Formation continue ugebuede gëtt, wouriwwer ee sech am Prinzip nëmme freeë kann. Et ass awer esou, dass an der Praxis bestëmmte Problemer opgetratt sinn, déi de Ministère dozou bruecht hunn, fir dëse Projet de loi anzebréngen.

Wat fir eng dräi Modifikatiounen schloe mir elo als Kommissioun vir?

1. Fir den Agrément préalable vum Minister ofzeschaffen. Den Artikel 5 vum dem jëtzege Gesetz gesäit vir, dass, wann ee Projet de formation continue agereecht gëtt, ier e ka fräi gi ginn zur Subsidiatioun, e muss den Agrément préalable vum Minister kréien. An der Realitéit huet sech erausgeschiet, dass et onméiglech ass, esougutt fir de Ministère wéi fir den Demandeur vu Formation continue, fir dësen Agrément préalable ze kréien, respektiv en ze huelen. Et sinn einfach pragmatesch Problemer, déi derzou gefouert hunn, dass dëst eng "exigence intenable" ass, wéi ech dat a mengem Rapport geschriwwen hunn, esou dass d'Schlussfolgerung vum Ministère wor, fir deen Agrément préalable erauszehuelen.

All d'Chambres professionnelles, déi consultéiert gi sinn, hunn heizou e positiven Avis ofginn. De Statsrot och, esou dass mir an der Chamberskommissioun zur Konklusioun komm sinn, mir sollten op dësen Agrément préalable renoncéieren. De Statsrot huet souguer virgeschloen, fir dass déi Iddi vum Agrément sollt alléigiert ginn, een net nëmme sollt de "préalable" sträichen mä och d'Wuert "agrément" duerch "approbation" ersetzen, wat mer an der Kommissioun als Suggestioun zrëckbehalen hunn.

2. D'Asetze vun enger Commission consultative. Och hei sinn an der Praxis Problemer opgetratt, well de Ministère de l'Education nationale, wann en déi Projeten, déi erakommen, évaluéiert an analyséiert, fir se zu engem Ofschluss ze bréngen, gesinn huet, dass him bestëmmte Connaissancë ganz einfach feelen. Dofir kann een dem Ministère de l'Education nationale kee Reproche maachen, well et kann ee jo net Spezialist an alle Matière sinn, an dofir ass virgeschloen ginn, dës Commission consultative anzesetzen. An dëser Kommissioun soll e Représentant vum Ministère de l'Education nationale sinn, ee vum Ministère du Travail, ee vum Ministère des Classes moyennes, ee vum Ministère de l'Economie an zwee Représentantë vum Ministère des Finances, wouvun ee vun der Steierverwaltung soll sinn. Dës Représentantë gi fir eng Durée vu fënnf Joer genannt.

D'Chambres professionnelles hunn dozou e positiven Avis ofginn. De Conseil d'Etat ass e bësse méi skeptesch. Ech kann dozou vläicht d'Virgeschicht soen. Ier d'Gesetz vun 1999 gestëmmt ginn ass, hat de Statsrot a sengem Avis dervun ofgeroden, fir esou eng Kommissioun anzesetzen. D'Chamber wor deemools deem Avis nokomm, mä im Nachhinein stellt sech awer eraus, dass et wichteg gewiescht wär, wann de Ministère vun Ufank un esou eng Kommissioun gehat hätt.

De Statsrot argumentéiert, dass et net néideg wär esou eng Kommissioun anzesetzen, well all Ministère hätt d'Méiglechkeet, fir bei senge Kollege Ministeren déi néideg Informatiounen ze froen. E gesäit och nach eng Entrave un der Séparation des pouvoirs, well e seet, d'Chamber géif am Fong geholl der Regierung be-

stëmmten Organisatiounen imposéieren, wat am Fong geholl net gerechtfertegt wär, well dat eleng d'Kompetenz vum Grand-Duc wär.

Mir hunn eis an der Kommissioun dësen Argumenter ugehall, sinn awer zur Konklusioun komm, besonnesch well d'Chambres professionnelles e positiven Avis ofginn hunn, fir bei der Meenung vun der Regierung a beim Gesetzestext ze bleiwen, dee vun der Regierung abruecht ginn ass, also d'Schafung vun dëser Kommissioun virzegesinn.

Fir komplett ze sinn, muss ech och soen, dass d'Chambres professionnelles bei deem engen oder anere Punkt nach aner Suggestioun gemaach hunn, wéi déi dräi, déi mir haut diskutéieren. Ënner anerem huet d'Chambre des Employés privés suggéiert, dass déi Kommissioun, déi agesat gëtt, soll eng véiert Missioun bei déi dräi aner Missiounen kréien, an zwar dass se soll Statistiken opstellen an déi évaluéieren, besonnesch wat déi praktesch Ausféierung vun dësem Gesetz betrëfft.

D'Iddi a sech ass vläicht net ze verwerfen, mä momentan ass et ganz einfach esou, dass ëmmer méi Dossierer erakommen an dass de Ministère onbedingt déi Kommissioun brauch, fir d'Dossiere kënnen ze suivéieren, esou dass mer net déi véiert Missioun bei dëser Kommissioun gesat hunn.

D'Chambre du Travail huet gemengt, dass dat Sekretariat vun där Kommissioun onbedingt misst vun engem Agent de l'Etat assuréiert ginn. Wann een de Gesetzestext liest, steet do geschriwwen vun engem "agent". Mir konnten eis an der Kommissioun kaum virstellen, dass dat een aneren Agent kéint si wéi een Agent de l'Etat, esou dass mer mengen, dass där Angscht Rechnung gedroe gouf.

D'Chambres professionnelles hunn och eraus kristalliséiert, dass nach aner Problemer bei dësem Gesetz wäeren, esou dass mer och dës Problemer mat de Représentantë vum Ministère an der Kommissioun diskutéiert hunn. Et ass gesot ginn, dass dëst Gesetz géng, esou wéi dat 1999 festgehalen ginn ass, enger Evaluatioun ënnerzu ginn, awer momentan nach net, mä dass et hei drëm geet, fir déi gréisste Problemer, déi mer an der Praxis begéinen, aus der Welt ze schafen.

Bei der drëtter konkreter Ëmännerung, déi an dësem Gesetzestext virgesinn ass, geet et ëm d'Aides directes vum Stat. D'Iddi vum Gesetz vun 1999 wor, dass, wann eng Formation professionnelle continue offréiert gëtt, de Stat seng Participatioun mat 10% bréngt. Dës Ënnerstëtzung vun 10% kann een op zwou Aart a Weise kréien: Entweder duerch eng Bonification d'impôts vun 10% oder awer iwwer eng Aide directe, déi 16% bedréit, mä d'Iddi ass ëmmer déi, dass am Endeffekt de Betrib, deem eng Formation professionnelle assuréiert, mat 10% seng Efforte vum Stat ënnerstëtzt kritt.

Elo ass awer d'Steierreform vun 2002 komm an déi gesäit en Erofsetze vum Steiersaz fir d'Betriben vir. Well mer awer unbedingt d'Egalitéit tëschent deenen zwee Systemer, d'Bonification d'impôts an d'Aide directe wëlle bäibehalen, ass dat gekuckt ginn an et ass gesot ginn, dass déi Aide directe misst vu 16% op 14,5% zrëckgeschrafft ginn. Och hei hunn d'Chambres professionnelles en Avis positif derzou ginn. Och de Statsrot huet e positiven Avis ginn. Dowéinst si mer an der Kommissioun dëser Propositionen nokomm a recommandéieren der Plénière dës Ëmännerung ze stëmmen.

Dat ass de Gesetzesprojet, deen ech lech wollt presentéieren an hoffen, dass en déi néideg Ënnerstëtzung fënnt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Nelly Stein.

### *Discussion générale*

**Mme Nelly Stein (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt der Mme Rapporteur e ganz häerzleche Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee wéi gewinnt detailléiert op déi Haaptännerunge vum Gesetz vum 22. Juni 1999 ageet.

Ech wëll mech just op e puer Punkten aus dem Projet de loi 4860 beschränken, eng kleng Mise au point maachen a selbstverständlech e bëssen op dat zrëckkucken, wat d'Gesetz vun 1999 bruecht huet.

Här President, an enger Aarbechtswelt, déi ëmmer méi kompetitiv am Kader vun der wirtschaftlecher Globalisatioun gëtt, kritt d'Ausbildung en ëmmer méi héije Stellwäert. Et ass haut wichteg, d'Mataarbechter an de Betriben fir nei Produktiounsmethoden an Aarbechtsprozeduren auszebilden. Dofir gëtt ëmmer méi an de Betriben op d'Formation professionnelle continue gesat, well si musse sech stänneg den neien Erkenntnisser upassen. D'Mataarbechter musse sech och dës Konditiounen upassen, andeems si u Coursen deelhuefen, déi si op dës Neierunge virbereeden.

Mam Gesetz vun 1999 huet de Législateur e Kader geschafen, deen nei Méttelen agesat huet, fir déi beruflech Weiterbildung an de Betriben an hirer Entwécklung ze ënnerstëtzen. D'Zuelematerial, wat eis virläit, schwätzt eng däitlech Sprooch. De CEPS-Instead huet an enger rezenter Etüd vum Februar 2002 eng Bestandsopnam vun 1999 gemaach a Vergläicher mat 1993 opgestallt, aus deenen ervirgeet, dass déi beruflech Weiterbildung ëm 11% zougeholl huet mat engem Gesamtprozentsaz vun 71,3%. Am Klortext bedeit dëst, dass ënnert den 2.828 Entrepreneuren, déi un dëser Bestandsopnam bedeelegt waren, 218 Weiterbildungscoursen ugebueden hunn. Dës Formatiounen gi virun allem am Finanz- an am Industriesektor offréiert. Am Finanzsektor bidde beispillsweis 83% vun den Entrepreneuren eng Weiterbildung un. Am Industriesektor sinn et 74% mat enger Erhéijung

vun net manner wéi 30% a sechs Joer. Och sinn am Secteur vun der Vente a vun der HORESCA beträchtlech Tauxë vu bal 65% feststellen, mat enger Steigerung vu 6%. Et ass just an de Secteure vun der Konstruktioun, der Fabrikatioun, dem Transport an der Kommunikatioun, wou den Taux net esou héich läit.

Generell muss een awer festhalen, dass all Secteur grouss Efforte gemaach huet par rapport zu 1993. Et ass opfälleg, dass virun allem déi grouss Entreprises et sinn, déi sech verstärkt an der Formation continue engagieren. Den Taux läit bei bal 100% fir Entreprises, déi méi wéi 250 Mataarbechter beschäftegen. D'Ursaachen, firwat kleng Entreprises net esou heefeg Formatiounen ubidden, läit, no den Aussoe vun de concernéierte Patronen oder Betriber doran, dass si dat net brauchen an dass hiert Personal eigentlech genuch geschoult ass.

Wat d'Aarbechtszäit ubelaangt, esou ass festzehalen, dass d'Weiderbildung en Taux vun 0,8% vun der gesamter Aarbechtszäit vun all de Firmen anhëlt mat enger Steigerung zu 1993 vun 0,25%. De CEPS erkläert sech des Erhéijung duerch den Zouwuess vum Personal, dat sech un de Weiderbildungscourse bedeelegt. Erfreelech ass och an deem Kontext, dass et keng Geschlechtsparitéitsdiskrepanze gëtt, well net manner wéi 33,8% vum weider forméierte Personal Frae sinn, d'Tendenz geet no uewen.

Dës positiv Entwécklung bezitt sech op all Secteur, onofhängeg vun der Gréisst vun den Entreprises. D'Gesamtstonnen, déi deen eenzelne Mataarbechter fir d'Formation continue agesat huet läit fir d'Joer 1999 bei 39,5 Stonnen. Wat kaschten elo dës Weiderbildungscoursen? Wann ee vun engem Cours horaire moyen vun 18,9 Euro an de Lëtzebuerger Entreprises ausgeet, esou kann ee vun enger Gesamtzomm vu 50 Milliounen Euro ausgoen, déi fir d'Formation professionnelle continue investéiert ginn.

Dës Betrag entsprécht engem Prozentsaz vun 0,8% vun de Gesamtkäschte fir d'Personal fir Joer 1999. Dobäi kommen nach aner Käschten, wéi beispillsweis d'Rémunératiounen fir d'Formateurs, déi de Gesamtkäschtepunkt op 1,75% vun den Ausgabe fir de Facteur "travail" an de Betriber ausmaachen. An absolutten Zuelen ausgedréckt entsprécht dës enger Zomm vun 105 Milliounen Euro. Dës Zomm huet sech par rapport zu 1993 verduebelt, wat alt erëm eng Kéier de Poids vun der Formation continue an de Lëtzebuerger Entreprises ennersträicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, dee mer haut de Mëtteg zum Vote virleien hunn, ass e gudde Projet, well en zwee an en halleft Joer no deem éischte Gesetz scho fréizäiteg Konsequenzen aus der Praxis zitt. De Projet, dee mer haut hei diskutieren, stellt nom Vote vum Projet de loi 4352 eng éischt Adaptatioun duer, déi sech aus den Erfahrungen an den Entreprises erginn huet.

Eng éischt Rectificatioun, déi éischer technescher Natur ass, betrëfft den Artikel 5 Paragraph 1, dee virgesäit, datt d'Betriber e préalable Agrément brauchen, ier se mat hirem Projet fir d'Weiderbildungscoursen ufänke kënnen. Dës préalable Agrément huet sech awer fir d'Betriber als onrealistes herausgestallt a fir méi ee flexible Charakter anzeféieren, gëllt no den Dispositiounen vum Projet de loi 4860 den Datum vum Dépôt vum betriibleche Projet am Ministère. Ab deem Moment kann de Projet ulafen.

En anere Volet betrëfft d'Verankerung vun enger Commission consultative interministérielle, déi d'Aufgab huet dem Minister berodend zur Säit ze stoen, fir wichteg Froen iwwert d'Formation professionnelle continue ze léisen. Dës Froe betreffe virun allem d'Agrémenten, d'Bilanen an d'Schlussrapporten. Dës Kommissioun, an dat ass interessant ze wëssen, war schonn an der éischer Versioun vum Gesetz vun 1999 virgesinn, mä ass awer opgrond vun der negativer Haltung vum Statsrot net zrëckbehale ginn. Och hei huet d'Praxis gewisen, datt d'Formation continue e wäitgefächert Feld ass, wéi d'Aarbechtsrecht, d'Steierrecht, d'Nidderloossungsrecht, sou wéi nach eng ganz Rei vun anere Beräicher mat abezitt. Et ass duerfir onerlässlech ginn eng Kommissioun mat Verrieder aus de concernéierte Ministère am Gesetz ze verankeren.

Eng lescht technesch Adaptatioun betrëfft de Volet vun der "Aide directe". Am Gesetz vun 1999 ass den Taux vum Stat fir d'Entreprises op 16% vun den Investissements fir d'Weiderbildung an engem Exercice festgehale ginn. Déi steierlech Begënschtigung läit bei 10%, a fir den Equiliber tëschent der direkter staatlecher Hëllef an der steierlecher Begënschtigung ze garantéieren, dës gemäß der Steuerreform vun 2002, ass den Taux vun der "Aide directe", sou wéi d'Mme Rapporteur eis dat gesot huet, ëm 1,5 % no ënne revidéiert ginn. All déi aner Dispositiounen bleiwen awer onverännert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mer gesinn also, datt et éischer Adaptatiounen technescher Natur sinn, déi am Projet 4860 enthalen sinn. Och hu mer am Moment nëmmen Zuelen a Statistiken aus de Joren 1993 bis 1999. Mer brauchen awer rezent a prezis Analysen aus deene vergaangen zwee an en hallef Joren, fir de genauen Impakt vum 99er Gesetz ze analyséieren a fir de System vun der Formation professionnelle continue enger genereller Reform ze ënnerzéien, dee sech den heitege Konditiounen upasst.

Ech wëllt an deem Kontext nach eng Kéier op d'Motioun an d'Resolutioun zrëckkommen, déi deemools vun der grénger Fraktioun agereecht goufen a wou d'Bedeitung vun der Formation continue nach eng Kéier ervirgehewe gëtt. An der Motioun ass d'Regierung opgefuerdert ginn e Wäissbuch zu deem Thema auszeschaffen. An der Resolutioun huet d'Chamber d'Educatiounskommissioun invitéiert eng Orientéierungsdebatte ze organiséieren. Just

zur Erinnerung: béid Dokumenter sinn hei eestëmmeg ugehall ginn an duerfir kéinte mer vläicht déi Iddi nach eng Kéier opgräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war beim 99er Gesetz Rapporteur an zum Schluss hat ech deemools gesot: "An dësem Projet läit ganz vill. D'Instrumenter mussen just richtig genotzt ginn an duerfir huet d'Kommissioun de Wonsch ausgedréckt, datt eng Evaluatioun vum Ganzen no enger Ulaßzäit gemaach gëtt." An dat si mer haut amgaang ze maachen, wat jo gutt a richtig ass.

An deemools hat ech och nach gesot: "Et ass gutt méiglech, datt verschidde Korrekturen fälleg sinn, mä mir sinn an der Kommissioun iwwerzeegt, datt dëse Projet déi richtig Orientatiounen virzeechent." An datselwecht gëllt och nach haut, well eis dat Gesetz am Beräich vun der Weiterbildung an de Betriber gutt weiderbruecht huet. Den Dialog mat alle Partner muss also oprecht erhale ginn, fir datt d'Formation continue op Schwaachstellen hi kann iwwerpréift ginn a wann noutwendeg déi néideg Reformen ageleet ginn.

Ofschléissend ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech merci fir Äert disziplinéiert Nolauschten.

**Des voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächsten Diskussionsrieder ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

**M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwert de Projet de loi 4860. Wéi et aus den Ausféierunge vum Virriedner schonn zu Dag getrueden ass, sinn dat heiten eng Rei vu liichten Émännerungen, déi mer un deem Text vum 1999 maachen a grad, wéi d'Mme Stein virdru gesot huet, kann ech mech nach gutt un déi Diskussiounen ëm dat 99er Gesetz erënneren. Den Zweck an d'Zil vum Gesetz war jo d'berufflech Weiterbildung an den Entrepreneuren ze favoriséieren an hinne een Inzentiiv ze schafen duerch deem Text, fir am Beräich vun där Weiterbildung do Efforten ze maachen.

D'Mme Stein huet scho virdru op déi Etüd higewisen, déi europäesch duerchgefouert ginn ass a wou Lëtzebuerg sech och dru bedeelegt huet. Ech brauch also déi Chifferen net nach eng Kéier hei virzedroen, mä ech wollt se nach vläicht ëm deen een oder aneren ergänzen. Déi Etüd ass, wéi gesot, 1999 gemaach ginn a mir haten dee Moment, wou d'Gesetz gestëmmt ginn ass, d'Resultater vum där Etüd net virleien. Déi Resultater sinn elo an de Bulletine vum Statec am November 2001 publizéiert ginn an et wär, denken ech, sënnavoll, dass, wa mer herno am Laf vun deenen nächste Jore sécherlech eng Kéier iwwert d'Bilanz vum deem dote Gesetz diskutéieren, eis déi Resultater an déi Informatiounen, déi mer aus där Etüd do kréie kënnen, och notzen, fir déi Diskussioun dann ze beräicheren.

Et muss ee soen, dass effektiv tëschent dem Joer 1993 an dem Joer 1999, wou déi lescht Kéier eng Erhiewung iwwert d'Formation professionnelle continue an de Betriber gemaach ginn ass, eng Differenz an de Prozenter virläit. Wann et der 1993 nach 60% waren, sou waren et der 1999 71%, déi eng Formation professionnelle continue gemaach hunn. Et stellt een och fest, dass de Wuesstum, wat d'Formation professionnelle continue ubelaangt, jee no Secteur ënnerschiddlech ass. Et stellt een ebenalls fest, dass grouss Entreprises manner Problemer mat der Formation professionnelle continue hu wéi déi kleng, mä grad dat, denken ech, sollt eng Iwwerleeung wäert sinn an et misst ee sech an Zukunft iwwerleeën, wéi een och déi kleng Entrepreneuren dozou motivéiert kritt do nach méi Efforten ze maachen, wéi dat bis elo de Fall ass.

45% vum de Käschten, déi d'Weiterbildung verursaachen, sinn de Main d'oeuvre an dee Prozentsaz vum 1,75%, deen d'Formation continue am Joer 1999 vum de Personalkäschten ausgemaach huet, ass ee Prozentsaz, dee mer deemools nach net kannt hunn, mä et weist awer, dass d'Lëtzebuurger Land an d'Lëtzebuurger Entrepreneuren am Verglach zum Ausland nach relativ bescheide sinn, wat de Prozentsaz vum den Ausgabe fir d'Formation continue ubelaangt an deem heite Chiffer am Fong nëmmen dozou féiere kann, dass mer bei der Diskussioun herno dësem Gesetz nach méi eng grouss Importenz bäimiessen, wéi dat an deene leschte Jore schonn de Fall war.

Am Exposé des motifs vum Text geet dann och dovunner Rieds, dass d'Gesetz effektiv e gewësse Succès kannt huet. Dat ass sécherlech net falsch. Et muss een et awer relativéieren, wann ee liest, dass et am Joer 2000 125 Dossiere waren déi eragereecht gi sinn an am Joer 2001 160 Dossieren. Streng arithmetesch gesinn ass dat natierlech eng Augmentatioun vum 28%. Et soll een dat awer net ze vill iwwerbewäerten. Ech mengen, dass do nach e bësse Sputt dran ass a méi Efforten nach méiglech sinn.

Mat deenen dräi Punkten, déi an dësem Text ugeschwat ginn a reforméiert gi sollen, hu mir als sozialistesche Fraktioun u sech kee Problem. D'Mme Durdu ass am Detail op dës Punkten agangen an ech soen hir och heimat merci fir hire schrëftlechen a mündlechen Rapport.

Mam Ofschafe vum Agrément préalable hu mir als Fraktioun kee Problem. Et erlaabt den Entreprises méi Flexibilitéit beim Behandelung vum hiren Dossieren. De Punkt 2 iwwert d'Commission consultative, do kann ech mech erënneren, dass mer 1999 schonn doriwwer diskutéiert hunn. De Conseil d'Etat hat a sengem Avis vum 1999 sech och schonn doriwwer ausgeloo, mat darselwechter Positioun, déi en haut nach eng Kéier widderholl huet. Mir haten deemools am Fong d'Positioun vum Conseil d'Etat suivéiert. D'Erfahrung weist awer offensichtlech, dass dat wat mer deemools



gemaach hunn net praxisno ass. A wann eppes net praxisno ass an een en Instrument verbessere kann, firwat soll een dat dann net maachen? Déi Kommissioun, déi agesat gëtt, huet sechs Leit. Déi schéngt effikass schaffen ze kënnen a si ersetzt jo am Fong de Comité de gestion, deem et schonn ënnert enger ähnlecher Aart a Weis gëtt.

Ech muss elo awer nach soen, an do sinn ech e bësselchen anerer Meenung wéi d'Mme Durdu, dass déi Iddi vun der Chambre des employés privés, fir e Suivi ze maache wat d'Statistiken ubelaangt, ob déi elo vläicht vun der Kommissioun gemaaht gi mussen oder vun engem gemaaht gi soll, ass eng Fro, mä ech denken awer, dass de Suivi iwwert d'Statistik "Wie wat fir eng Formation continue mécht" eng Noutwendegkeet ass. D'Chambre des employés privés hat proposéiert, dass dat eng vun de Missiounen vun der Kommissioun gi sollt. Am Nachhinein, nodeem ech d'Texter nach eng Kéier gekuckt hat, hat ech éischter den Androck, dass dat eng sënnavoll Saach wär, mä ech mengen, dass et virun allem wichteg wär, dass dee Suivi gemaaht gëtt. Vu wem e gemaaht gëtt ass nach eng zweet Saach. D'Mme Durdu wollt eppes soen.

**Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.**- Ech hunn ni gesot, dass et net gutt oder net wichteg wier fir esou statistescht Material zesummenzestellen, mä et war de Wonsch ausgedréckt ginn, fir dat als véiert Missioun vun der Kommissioun unzeginn an et ass dat woumat mer net d'accord sinn, mä datt esou Evaluatiounen sollen a musse gemaaht ginn, dat ass menger Meenung no op alle Fall noutwendeg, just net duerch déi Kommissioun, well déi soll elo eemol hëllefen, datt dee Stau, dee mer do hunn an deen an Zukunft riskéiert ze kommen, ze evakuéieren.

**M. Marc Zanussi (LSAP).**- Wann dat doten eng Zoustëmmung fënnt a mir eis eens doriwwer sinn, dass déi Aarbecht gemaaht gi soll, dann ass et am Endeffekt egal op wat fir enger Plaz se gemaaht gëtt.

Dann deen drëtte Punkt mat den Tauxen ass virdrun och scho genuch explizéiert ginn, dass domat d'Équitéit tëschent der Subventioun an der Bonification d'impôts vun der Steuerreform 2002 gemaaht gëtt. Domat hu mir u sech och kee Problem. Da liest een awer an den Avisen vun de Chambres professionnelles, dass et offensichtlech bei der praktescher Handhabung vun deem dote Gesetz eng Rei vu Problemer gëtt an et gi sech an deenen eenzelnen Avisen eng Rei vu Froen gestallt. Engersäits wat de rationellen Oflaf vun de Prozeduren ubelaangt, anerersäits gi sech Froen gestallt iwwert d'Approche sectorielle, iwwert d'Valeur vum Agrément ministériel, et gëtt vun der Marge de manoeuvre vun den Entreprises geschwat, vum finanziellen Dekont an aner Saachen, sou dass do am Fong praktesch vun alle Chambres professionnelles gefrot gëtt, fir eng méi grondlegend Reform vun dësem Text ze maachen.

Et muss een och soen, dass et besonnesch kleng Entreprises sinn, déi mat deem administrativen Opwand, deem dëst Gesetz verlaangt, Schwierigkeeten hunn an deem sollt ee sécherlech bei enger nächster Reform Rechnung droen. Et gëtt dann awer och vun der Chambre de travail, an ech mengen dat ass derwäert, dass een et hei erwähnt, eng méi grondsätzlech Fro opgeworf, nämlech déi: Während wat fir enger Zäit soll d'Formation professionnelle continue stattfannen? Während der Aarbechtszäit oder der Net-Aarbechtszäit? De Geescht vum Gesetz gung an d'Richtung fir d'Formation continue hallef während der Aarbechtszäit an hallef während der Net-Aarbechtszäit ze maachen. D'Chambre de travail mengt feststellen, dass et do Entreprises gëtt, déi, well deem Text offensichtlech net ganz kloer ass, eng Rei vun Abuse maachen. Ech mengen, dass dat enger scho méi fundamentaler Diskussioun bedäerft, déi mer sécherlech bei der nächster méi intensiver Diskussioun iwwert d'Gesetz och féiere sollten.

An der Kommissioun hu mer déi eng an déi aner Kéier iwwert dësen Text geschwat. Mir hunn och als Fraktioun gesot, dass fir eis d'Thema vun der Weiterbildung ee ganz wichteg ass. Eng Meenung, déi och hei vun all Riedner an och vun der Ministerin gedeelt ginn ass, an opgrond vun den Avisen vun de Chambres professionnelles, hu mer als Fraktioun och gesot, dass mer eng Motioun hei am Parlament deponéiere wëllten - an d'Mme Stein huet jo virdrun gesot, datt et scho Motiounen zu dësem Gesetz gi sinn -, an déi och den Accord vun alle Fraktiounen aus dem Parlament dréit, seet dann och soss näischt, wéi dass mer da wierklech am Joer 2004 déi Bilanzdiskussioun iwwert dëst Gesetz féiere sollen an d'Schlussfolgerungen an d'Konsequenzen aus där Diskussioun iwwert de Wee vun engem Gesetz och a gesetzlech Praxis ëmsetze sollen.

Ech mengen, dass dat en nützlechen Exercice ass. Een Exercice, deem am Geescht vum Dialog mat de Chambres professionnelles a mat den Acteurs vum Terrain gemaaht gi misst. Ech géing dann ofschléissend hei och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem heiten Text bréngen an lech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

## Motion 1

### La Chambre des Députés

- *vu l'importance de la formation professionnelle continue et du «life long learning» dans un contexte économique toujours plus performant et concurrentiel mais également dans l'intérêt d'un développement personnel des citoyens;*
- *considérant que les principes de la loi du 22 juin 1999 ont connu un écho favorable auprès les milieux concernés;*
- *constatant que par le vote du projet de loi no 4860, la Chambre des Députés procède au remaniement de la loi modifiée du 22 juin 1999 ayant pour objet 1. le soutien et le développement de la formation profession-*

*nelle continue; 2. la modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales;*

- *constatant que des obstacles et problèmes ont été identifiés tant par les représentants des entreprises (approche sectorielle, délais, temps de travail, décompte financier, statistiques) que par les représentants des employés (surtout temps de travail) qui risquent de remettre en cause l'efficacité de la présente loi;*
- *jugeant utile de suivre de près l'évolution en matière de formation professionnelle continue et plus particulièrement le succès de la présente loi;*

*invite le Gouvernement*

- *à présenter en l'an 2004 un bilan sur l'application de la présente loi sur la formation professionnelle continue et de proposer, le cas échéant, les réformes nécessaires.*

*(s.) Marc Zanussi, Jean Colombero, Agny Durdu, Robert Garcia, Fred Sunnen.*

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischts wëll ech der Présidente-Rapporteur, dem Agny Durdu merci soe fir hiren excellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport, dee si hei presentéiert huet. Ouni nach eng kéier op d'Detailer vun deem dote Gesetzestext iwwert d'Formatioun professionnelle continue agoen ze wëllen, wëll ech awer e puer Haaptpunkte vun deem Projet de loi erausgräifen an nach eng kéier méi am Detail belichten.

Dëse Gesetzesprojet ass u sech déi gefuerdert Äntwert op all déi Problemer, déi d'Ëmsetzung vum Gesetz vun 1999 gewisen huet. An engem sou wichtege Beräich wéi der Formation professionnelle continue ass et net grad onwichtig, datt de Législateur seng Flexibilitéit an och seng schnell Bereitschaft zu Verbesserungsmessuren ënner Beweis stellt.

Insgesamt ziele mir dräi grouss Ännerungen an deem neien Text iwwert d'Formation professionnelle continue.

Éischtens brauchen d'Entreprises elo net méi d'Approbatoun vum Ministère ofzewaarden, fir nei Formatiounen ubidden ze kënnen.

Zweetens wäert eng Commission consultative agefouert ginn, déi sech aus Représentanten aus dem Bildungs-, dem Aarbechts-, dem Mëttelelstands-, dem Wirtschafts- an och dem Finanzministère zesummesetzt. Obwuel dëst eng Mesure ass, déi nach 1999 verworf gouf, huet sech haut erausgestallt, datt de Bildungsminister duerch déi wuessend Komplexitéit vun deenen eenzelnen Dossierer op d'Wëssen an d'Conseile vun de Fachleit aus deenen

eenzelnen, verschiddene Ressorten ugewisen ass. Och d'Chambres professionnelles hunn dës nei Moosnam begreist.

Drëttens wäert déi direkt Hëllef fir d'Entreprise vu 16 op 14,5% erofgesat ginn. Et ass dat allerdéngs eng reng finanztechnesch Mesure, déi duerch d'Steierreform vun 2002 fir d'Betribler noutwendeg ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Upassung vum Gesetz iwwert d'Formation professionnelle continue un déi nei Gegebenheeten ass e weideren an noutwendegen Bausteen vun enger Politik, déi besonnesch Wäert op d'Ausbildung an op Weiterbildung vun hire Leit leet. Eng qualitativ héichwäerteg Weiterbildungsoffer ass scho säit laangem e feste Bestanddeel vun enger konkurrenzfähiger Economie. D'Komplexitéit vun deenen eenzelnen Weiterbildungsmoosnamen hält bestänneg zou, a fir dass si zu deene gewënschte Resultater féieren, musse si sech och ganz op d'Besoinen vun den Entreprises richte kënnen. Op eng enk Zesummenaarbecht tëscht den Ubidden vu Formations continues an den Entreprises kënnen mer also op kee Fall verzichten.

D'Aufgab vum Stat ass et an deem Beräich, dës Zesummenaarbecht duerch en erfuerderleche Kader ze ënnerstëtzen, dee regelméisseg der gegebener Realitéit um Terrain ugepasst muss ginn. Et sinn dat déi Grënn, firwat d'Demokratescht Partei dëse Projet selbstverständlech ënnerstëtze wäert.

Ech soen lech merci.

**M. le President.** - Als nächste Riedener ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt nach eng kéier Merci un d'Rapporteuse, d'Mme Durdu, fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Dëse Gesetzestext gesäit dräi Ännerungen par rapport zum Gesetz vum 22. Juni 1999 vir. Den éischte Punkt ass d'Ofschaffung vun enger virleefeger Zoustëmmung vum Ministère. Domat si mer d'accord.

Den zweete Punkt ass d'Schaffung vun enger konsultativer, interministerieller Kommissioun, déi den Erzéigungsminister berode soll, déi en Avis ausstelle soll, an déi hir Meenung iwwert d'Aktivitéiten vum Ministère am Beräich vun der Formatioun continue soe soll.

D'Kummer vun de Privatbeamten hätt sech nach eng aner Fonctioun erwënscht, nämlech d'Opstellen an d'Evaluatioun vun de statisteschen Donnéeën, wat leider net vun der Kommissioun zréckbehalen gouf, an der Meenung, dass d'Dossiere méi laang bräichten, fir verschafft ze ginn, an datt doraus een Hindernis entstoe géif.

De Statsrot war skeptesch mat der Schaffung vun dëser Kommissioun, well all Ministère souwisou en Avis bei engem anere Ministère anhuele kann, wann hien et fir

néideg hält, an d'Chamber dierft sech net an esou eng Décisioun améschen, mat der Schafung vun enger Kommissioun.

Ech sinn och skeptesch, well dës Kommissioun awer trotzdeem aus Membere vu fënnef verschiddene Ministère besteet, a fënnef verschidden Interessegebiddere. D'Fro, déi ee sech stelle kann, ass: Ass dës Kommissioun trotz hirem nëmmen konsultative Charakter awer net dach en administratiivt Hindernis? D'Zukunft wäert dat weisen.

En drëtten Punkt war d'Reduktioun vun der direkter Hëllef vum Stat vu 16% op 14,5% als Folleg vun der Adaptatioun un d'Steiersenkung. Dat ass vläicht fir déi kleng Entrepreneuren en Nodeel. Grad déi kleng Entrepreneurs bidden manner Formation continue un, och well hire Budget méi kleng ass. Hei, mengen ech, hätt méi ponderéiert misse ginn, fir déi kleng Entrepreneuren ze favoriséieren. Bei de klengen Entrepreneurs vun 10 bis 19 Leit ass de Prozentsatz vun der Formation continue bei 60%; bei Entrepreneuren iwwer 250 Leit ass d'Formation bei 100%. Siwe Firme vum zéng hu grosso modo eng Formation continue ugebueden. Et ass och ze ënnersträichen, datt d'Aarbechter manner un der Formation continue deelhuele wéi d'Beamten. Am Bauwiese sinn zum Beispill nëmmen 10% vun de Salariéierten, déi esou eng Formation matmaachen. Et ass och hei, wou déi meescht Aarbechtsaccidenter geschéien. Eng besser Formation kéint am Aarbechtermilieu zum Beispill manner Accidenter op der Aarbechtsplaz bedeiten. Dofir nach eng Kéier eisen Appel un d'Regierung, déi kleng Firme net ze vergiessen a méi ze ënnerstëtzen an d'Aarbechter méi an dësen Prozess ze integréieren.

D'Formation continue huet eng gutt Entwécklung matgemaach. 1999 hunn 71% vun de Firme hei am Land eng Weiterbildung ugebueden, 1993 waren dat 60%. Déi individuell Moyenne vun der Weiterbildung ass awer liicht réckleefeg. 1999 waren dat 39 fir eng Persoun, an 1993 waren dat nach 43 Stonnen fir eng Persoun. De mëttlere Käschtepunkt ass 1.975 Lëtzebuerger Frang pro Stonn an der gesamter Käschtepunkt fir d'Entrepreneuren alleguer zesummen ass 1,75% vum Total vun den Aarbechtskäschten. E kleng Betriber vun zéng Leit huet dann dës Rechnung no, 10 x 39 Stonnen x 1.975 Frang pro Stonn, ongeféier fir 770.000 Spesen fir d'Formation continue. De Stat bezilt 14,5% un direkter Hëllef, da bleiwen nach fir de Betriber 658.000 Frang iwwreg. Fir kleng Betriber ass dës Zomm awer grouss, soudatt verschidde Betriber hir Offer u Formation continue reduzéieren müssen.

Wéi gesot, et misst een nodenken, ob de Stat net méi e groussen Effort fir déi kleng Betriber maache sollt, well et grad déi kleng Betriber sinn, déi bei der heiteger Globaliséierung ënnert d'Rieder kommen.

Méi Formation continue bedeit méi Wëssen, méi Qualitéit, méi Confort, manner Accidenter, manner professionell Krankheeten, dat heescht eng Gesamtkäschte-

reduktioun fir de Stat, dat heescht, wat de Stat elo méi an d'Formation continue investéiert, wat herno de Benefiss vum Stat méi grouss wäert ginn, an dat sougutt um ekonomesche Plang wéi och op gesondheetspolitescher Basis.

Verschidde Froen bleiwen awer an der Formation continue nach op. Den Här Zanusso huet op eng Hagedeit, nämlech ob d'Weiterbildung net als Aarbechtszäit berechent soll ginn.

Och géife mir eng méi grouss Debatt hei an der Chamber begräissen, fir iwwert de Bilan vun den Experienze, déi bis elo gemaach goufen, ze schwätzen.

Wat dës Gesetzesprojet ugeet, géif ech menger Fraktioun proposéieren, sech ze enthalten, well ech d'Gefill net lass ginn, datt déi kleng Entrepreneuren net déi richteg Ënnerstëtzung kréien, déi si awer normalerweis missten hunn, fir optimal ze funktionéieren. D'Argument, dat hei gebraucht gëtt, et wier well et eng Steiersenkung ginn ass, datt déi direkt Hëllef vum Stat reduzéiert gëtt, an ënnert dem Stréch géif alles d'selwecht bleiwen, ass net ze verrieden. Et wier datselwecht, wann ee soe géif: D'Steiere ginn erof, an doduerch kritt all Famillje manner Kannergeld. Schliesslech ass d'Steiersenkung e Confort fir d'Betriber oder eng Fammilljen; et ass e Gewinn, deen d'Liewensperspektiv am ekonomesche Sënn steigere soll. Dës Gewinn däerf net gebraucht ginn, fir an d'Formation continue ze investéieren. Dat sinn zwee Puer Schung. D'Reduktioun vun der Statshëllef kéint falsch verstane ginn an d'Formation continue bei de klengen Betriber ofbremsen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. D'Wuert huet den Här Garcia.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Damm an Dir Hären, mir hunn eis laang schwéier gedoen, mat enger Kultur vu Formation continue an dësem Land; fir vill Leit war d'Formation continue net selbstverständlech. Wann een an aner Länner kuckt, wéi a Skandinavien, do gehéiert dat scho säit Jorzéngten zu engem Berufsbild. Et si vill Fuerscher, déi dat dorop zréckféieren, dass et a skandinavesche Länner scho vu klengem un Bildungsweeër nieft der normaler Schoul ginn, wéi zum Beispill an de Structures d'accueil, wou schon d'Schüler an d'Schülerinne vu klengem u gewinnt sinn, dass een net nëmmen an enger Schoul léiert, mä och nach permanent niewendrun. Ech kéint lo natierlech higoen an Iech nach eng Véirelsstonn iwwert de Lien tëschent der Formation continue an de Structures d'accueil, besonnesch an der Primärschoul, schwätzen, mä ech wëll mech awer limitéieren - haut zumindest - op de Beräich vun dësem Gesetz.

Zwee Joer no sengem Akraafttriede muss d'Gesetz iwwert d'Formation continue an de Betriber schon erëm iwwerschaft ginn. Dat war virausgeesinn. Am Mee 1999, just viru senger Opléisung virun de Wahlen,

huet d'Parlament dee Projet gestëmmt, an do ass et schonn zu munche Kriticke komm, well déi Saach zimlech iwwert de Knéi gebrach gi war. An Zäit vun aacht Deeg, kann ech mech erënneren, war en Avis vum Statsrot, eng Rei vun Ëmännerungen um Projet, en Avis complémentaire an de Rapport vun der Kommissioun ofgehaakt ginn.

Den deemolege Spriecher vun der liberaler Fraktioun, den Eugène Berger, huet donieft nach op eng Rei vu Lacunen higewisen, zum Beispill wat den Taux vun 10% Remboursement vum Stat fir déi Fräe betrëfft, déi fir d'Betriber entstinn, wa se Formatiounen ubidden. Hien huet och drop higewisen, dass bei deem Taux unique déi kleng Betriber kaum incitéiert géife ginn, Plan-de-formationen auszeschaffen. Hien huet sech och skeptesch gewise vis-à-vis vun de Kapazitéite vum Ministère fir de Suivi vun den Dossieren ze assuréieren.

Ech selwer hunn deemools net nëmmen déi Zweiwelen vum Här Berger gedeelt, mä och nach op aner méi fundamental Problemer higewisen. An deem Text ass et nämlech nëmmen ëm innerbetrieblech Formatiounen gaang, aner Formatiounsforme goufen net ugeschwat. E Recht op Formation continue, dat sech duerch e Formatiounsugebot ausdrécke géif, dat onofhängeg vun der Entreprise wär, ass net virgesi gewiescht.

Ech hat deemools och schonn drun erënnert, dass dee Projet iwwert d'Formation continue eigentlech just en Deel vun engem Paquet sollt sinn, wou nach aner Formations des adultes mat engem zweete Bildungswee a mat der sou genannter Formation économique, politique et sociale des citoyens et citoyennes, also Volkshochschulen, dra virgesi waren.

Elo hu mer haut eng Rei Ännerunge par rapport zu deem Gesetz virleien, wat u sech positiv ass, well deemools vun der Chamber, an och vun de Chambres professionnelles gewünscht gi war, dass dat Gesetz ganz schnell op Basis vun enger systematescher Evaluatioun iwwerschaaft an erweidert gétt. Mä amplaz vun enger méi globaler Approche schéngt sech och hei d'"Bildungsoffensiv" op e puer technesch Amendementer ze beschränken.

Eenzege méi inhaltleche Punkt ass d'Schafung vun enger legaler Basis fir de Comité de gestion, dee schonn duerch en Arrêté ministériel geschafe ginn ass, an deem d'Analys vun den Dossieren maache soll.

Et ass also kee Wonner, Här President, dass d'Avis vum de Chambres professionnelles och zimlech säuerlech ausgefall sinn. Ech zitieren den Avis vun der Chambre de Commerce: "La complexité des procédures administratives liées à la gestion et au suivi du processus de formation en entreprise décourage bon nombre de dirigeants d'entreprise de profiter des avantages financiers proposés par le législateur. En prenant en considération les deux premières années de sa mise en application, il en résulte actuellement - et les chiffres avancés

dans l'exposé des motifs sont éloquent à ce sujet - un faible taux de mobilisation des entreprises autour de cette loi, notamment dans le chef des petites et moyennes entreprises luxembourgeoises."

Iwwregens ginn d'Resultater vun enger Enquête, déi d'lescht Joer vum Statec gemaach ginn ass, deene Kriticke recht. Och, wann dës Zuele vu virum Akraafttriede vum Gesetz sinn, sou gesäit een en däitlechen Ecart tëschent de Betriber mat ënner 20 Persounen an deene mat iwwer 250 Persounen. Et ass also vu virum kloer, dass ee fir d'PMEEen speziell Incitatiounen schafe muss.

Déi Enquête huet iwwregens och d'Tendenz gewisen, dass virum allem d'Banke Formatiounen maachen, an dass haaptsächlech d'Cadren an d'administratiivt Personal an den Entreprises duerch Formatiounen gefördert ginn, während Techniker an Aarbechter vill manner Zougank zu Formatiounen hunn. Och hei misst een am Gesetz Mechanismen abauen, fir dës Ongläichbehandlung entgéintzetrieden.

D'Fro gouf och vun de Chambres professionnelles opgeworf, ob déi nei Kommissioun, déi aus dem Comité de suivi entsteet, net och fir d'Opstellen zoustänneg si misst. Et wier zum Beispill gutt ze wëssen, ob de Coût total vun de Formatiounen vun 1999 vun deemools 1,75% vum Coût total vun der Aarbecht vum Personal an den Entreprises duerch dat neit Gesetz an d'Luucht gaangen ass oder net. Wichteg wier och méi Systematik bei der Evaluatioun vun de Formatiounen - bis lo sinn déi meescht Evaluatiounen einfach opgrond vun der Zefriddenheet vum Personal gemaach ginn.

D'Veereinfachung vun den administrativen Démarchen, déi och no den Ännerunge vun haut extrem schwéierfällg bleiwen, ass eng weider Revendicatioun. D'Chambres professionnelles fuerderen dofir - an dat maache mir och -, nach eng Kéier d'Evaluatioun an och eng seriö Iwwerschaffung vum Projet, dat ënner Abezëiung vun den Entreprises. Bei de virleien Ännerunge schéngen däitlech keng esou Constatatiounen stattfonnt ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir waarden also am Beräich Erwuessebildung weider op der Mme Brasseur hir Bildungsoffensiv. Mir gleewe fest drun, dass si sech rattrapéiere kann, andeem si de Livre blanc sur la formation économique et sociale des citoyennes et citoyens en vue de préparer une initiative législative ultérieure relative à la matière endlech erausgëtt, deem d'Chamber 1999 iwwert de Wee vun enger Motioun gefrot hat, déi ech agereecht hat, déi d'Mme Stein jo och schonn hei zitëiert huet, an déi deemools déiselwech eestëmmeg Zoustëmmung fonnt hat wéi eng Resolutioun vu mir, an där d'Educatiounskommissioun opgefuerdert gi war, ech zitieren: "...de préparer un débat d'orientation sur tous les aspects de la formation continue". En attendant musse mer eis awer bei deem Projet de loi eng Ongenügend ausstellen a mir wäerten eis beim Vote enthalen.



Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Mme Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Projet de loi, deen ech virgeluegt hunn, ass eng pragmatesch Adaptatioun vun engem Texte de loi, deen 1999 hei votéiert ginn ass.

Wann ech soe pragmatesch, dann hu mer probéiert esou séier wéi méiglech deene Punkte Rechnung ze droen, wou mer festgestallt hunn, dass d'Gesetz net geklappt huet. Et ass net méi an et ass net manner an dësem Projet de loi. Dat huet näischt mat Bildungsoffensiv ze dinn. Dat hei ass keen Instrument, fir d'Formation professionnelle continue elo an aner Bannen an aner Dimensiounen ze setzen. Dat ass net d'Prétentioun vun dësem Gesetz, dat ass net d'Zil vun dësem Gesetz. D'Zil vun dësem Gesetz ass, wéi d'Mme Durdu als Rapporteur et ganz richtig gesot huet, fir e puer Adaptatiounen ze maachen op déi ech net am Detail agoe wëll.

Dat mam Agrément préalable ass och op Wonsch vun den Entreprises esou aus dem Text erauskomm, dat ass den éischte Punkt. Den zweete Punkt ass dee vun der Commission interministérielle. Déi Kommissioun gëtt am Gesetz festgehalten, well op Wonsch vun deene Leit, déi op deenen Dossiere schaffen, gemierkt ginn ass, dass mer eng Base légale brauchen, fir dass Expertisé vu verschiddene Ministèren zesummekommen. Mir haten elo eng Partie Affären, wou gesot gouf: Wéi ass et méiglech, dass dëse Ministère, dës Administratioun näischt doriwwer wousst, datt hei oder do eng Enquête am Gaange war? Duerfir ass et wichteg, dass d'Expertisé vun enger Partie Ministèren, déi mat den Entreprises ze dinn hunn, hei mat erafléissen, well d'Education ass net déi, déi outilléiert ass, fir iwwert d'Strukture vun den Entreprises Bescheed ze wëssen. Ech mengen déi steierlech Adaptatioun ass eng reng technesch Adaptatioun.

Ech wollt awer, Här President, ee Wuert soen zum allgemenge Kader vun der Formation continue. Der Formation continue kënn méi Bedeitung wéi jee zou a wäert och méi Bedeitung an Zukunft zoukommen. Déi Froen, déi 1999 gestallt gi sinn, mussen och haut nach eng Äntwert fannen, wéi beispillsweis déi vum Accès individuel. Soll a muss net jiddferree sech och aus eegener Initiativ weiderbilde kënnen a wéi kann een dat an engem Betrib maachen? An do ass an der Tripartite Formation professionnelle décidéiert ginn, dass d'Partenaires sociaux sech do sollen zesummesetzen, fir eng Léisung auszeschaffen, well et ass de Betrib an d'Salariéen, déi kucke mussen wéi se dat regele sollen a mir hunn héieren, dass se um Punkt sinn, fir eng Léisung virzeleeën.

Da muss ee wat d'Formation continue ubelaangt eemol alles bënnele wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn. An do gëtt et onwahrscheinlech vill, vu staatlecher Säit, bei-

spillsweis duerch d'Formation des adultes, et gëtt awer och Gemengen, déi eppes ubidden, et gi privat Ubidder, et gi Chambres professionnelles, déi säit jeeher eng grouss Offer hunn u Formation continue a mir wëllen dem Léirenden, deem dee sech weiderbilde wëllt, méi Méiglechkeete ginn Informatiounen doriwwer ze kréien an dofir gëtt eng Plate-forme um Internet weiderentwéckelt, fir dass een do gesi ka wat alles ugebuede gëtt.

Och wëlle mer d'Weiderbildung an d'Grenzregioun ersetzen, well et gi spezifesch Formatiounen, déi een net iwwerall ubidde kann, an da solle mer dat mat den Nopere maachen. Mir hunn do bescht Kontakter op deem Gebitt, beispillsweis mam Saarland.

Wat mer och brauchen, an dat ass bei den Diskussiounen 1999 erauskomm, an zwar eng Struktur, déi de Suivi mécht. Déi Zäit ass d'Fro gestallt ginn, ob de Ministère de l'Education nationale déi néideg Ressourcen hätt, fir de Suivi vun deem Gesetz ze maachen. D'Äntwert ass ganz kloer: Neen. An duerfir huet den Institut national pour formation professionnelle continue, wat een Etablissement public ass, den Optrag kritt, fir déi Dossieren do ze preparéieren, well den Educationnsministère net déi néideg Ressourcen huet, fir dat ze maachen. Zënter, dass deen INFPC op nei oder méi zolidd Féiss gestallt ginn ass, geet et och vill besser. Am Ufank war et wierklech net evident déi Ulaafszäit ze iwwerbrécken, mä mir wäerte lues a lues awer op e Rythme de croisière kommen, sou dass d'Betribler och voll vum Gesetz profitéiere kënnen.

Eng Fro, déi och haut opgeworf ginn ass, ass déi: Kënnen déi kleng a mëttel Betribler genuch dovun profitéieren? Am Moment nach net genuch, an duerfir sinn déi kleng a mëttel Betribler vum INFPC ugeschriwwen ginn, fir deenen d'Méiglechkeet ze ginn an eng Formatioun ze kommen, also fir ze kucken an hinnen dobäi ze hëllefen, fir vun dësem Gesetz profitéieren ze kënnen. An et si ganz vill kleng a mëttel Betribler, déi och schonn dorop zrëckgegraff hunn, sou dass mer do och an Zukunft nach Progressen maache wäerte kënnen, well et sinn déi Betribler, deenen am meeschte gehollef gi muss, well se kee Service de ressources humaines hunn.

All den Entreprises wëlle mer och hëllefen, fir déi ganz Dokumentatioun méi effikass ausfëllen ze kënnen an dofir wäert eng Online-Versioun och deemnächst kommen. Dat gëtt am Kader vum E-Luxembourg entwéckelt, fir dass d'Entreprises d'Formularen iwwer Internet eragi kënnen. Leit, déi Informatiounen iwwert d'Formation professionnelle continue brauchen, kënnen déi iwwert de [www.infpc.lu](http://www.infpc.lu) kréien, wou se eng ganz Partie vu weideren Informatiounen iwwert dëst Gesetz kréie kënnen.

Ech wëll soen, dass am Joer 2000 167 Demanden eragereecht gi sinn, 150 si positiv aviséiert ginn. Déi 150 Betribler hu 56 Milliounen Euro investéiert an d'Formation continue vun hire Betribler, d'Participatioun vum Stat lung do bei 8,8 Milliounen Euro. Am Joer 2001 ass

d'Tendenz wierklech steigend an Dir wäert gesinn, dass mer elo fir 2003 de Budget nach eng Keier erhéije mussen.

Zum Schluss wëll ech op d'Proposition de motion vum Här Garcia agoen. Et ass richteg, dass 1999 gesot ginn ass, dass e Livre blanc ausgeschafft géing ginn, fir ze kucke wéi et mat der Formation continue ass. Ech hat schonn d'Geleeënheet hei drop anzegoen op dëser Tribün an ech hu gesot mir hätten am Moment am Ministère keng Ressourcë fir dee Livre blanc maachen ze kënnen, well et muss ee fir d'éischt Inhalter maachen éier een och nach e Livre blanc mécht. Wouer ass awer, dass mer e Suivi heivu maache mussen, eng Evaluatioun, wéi och vun anere Gebitter, an dat gëtt ëmmer méi wichteg. An dofir hunn ech mer d'Moyene ginn, fir eng Cellule d'évaluation opzebauen. Déi ass awer eréischt ganz kleng an do brauche mer nach zousätzlech Ressourcen, fir dat ze maachen.

An da kommen ech op d'Motioun, déi virdrun hei déposéiert ginn ass an déi d'Ënnerschrëfte vun alle Fraktiounen dréit. D'Evaluatioun vun dësem Gesetz, wou 1999 jo gesot ginn ass et misst een et dräi Joer emol lafe loossen, dat ass am Joer 2002. Am Joer 2003 kommen dann déi lescht Dossieren eran an da ginn déi evaluéiert, sou dass een uganks 2004 kucke ka wéi d'Instrument vun 1999 adaptéiert gi soll, well dass et adaptéiert gi muss, dees si mer eis bewosst.

Och si mer am Ministère am Gaangen ze kucke wéi mer all dat strukturéiere sollen, wat d'Formation des adultes an d'Formation continue ubelaangt. Do ass eng enorm Evolutioun. D'Strukturen déi mer hu ginn deem net gerecht, sou dass mer och do d'Strukturen adaptéiere mussen, well déi Zäiten, wou ee just eng Grondausbildung krut an duerno keng Ausbildung méi drop gesat huet, sinn eriwwer an duerfir musse mer ons och d'Moyene ginn dorun dauernd ze schaffen. Ech hoffen op jidde Fall - dat ass e Wunsch, deen ech vu mir hunn -, dass ech virdu mat Propositionen iwwert d'Erwuessenebildung, iwwert d>Weiderbildung an d'Educationskommissioun komme kann, fir dass mer do e Schrëtt weider maachen am Kader vum "lifelong learning".

Ech soen lech villmools merci.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4860 a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert dee gesamte Projet of.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet ass mat 47 Jo-Stëmmen an 12 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch ( par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motion 1**

Mir kommen zur Motioun, déi abruecht ginn ass.

#### **Vote par main levée**

Wien ass dofir?

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4900 iwwer eng budgetär Upassung beim Bau vum Centre national sportif et culturel. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn agedroen: déi Hären Hauptert, Krecké, Meisch, Henckes, Garcia, Bisdorff a Colombero.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Agny Durdu.